# Géisdrefer LANTER

2022 / 01 | INFORMATIOUNSZEITUNG VUN DER GEMENG GÉISDREF



# SOMMAIRE



## IMPRESSUM

Éditeur responsable:
Administration communale de Goesdorf

Rédaction:
Claude Nesser, Sandy Floener

Coordination et traduction:
Sandy Floener

Photos:
Romy Schouten

Design:
Zoë Mondloch

Mise en page:
brain&more
agence en communication

Impression :
Print Solutions
800 exemplaires

PacteClimat EUROPEAN ENERGY AWARD
Ma commune s'engage pour le climat

04-05 Virwuert vum Buergermeester

06-11 Nouvelle stratégie de communication

12-13 Zefriddenheetsëmfro

14-15 Gemengewalen 2023

16-17 Panneau touristique Däiwelslee

18-19 Motocross Boukels

20-21 Päiperléck - Aides et Soins à Domicile et Résidences Seniors

22-23 Opruff un d'Veräiner

24-25 Projet „Kiirchewee" zu Nacher

26 Projet „Blick fürs Dorf" zu Géisdref

27 Projet „Piires" zu Géisdref

28 Dag vum Bam

29 Thank you

30 Manifestatiounskalenner

30 Grouss Botz

31 Foto-Reportagen

32-35 Foto-Quiz – Wéi gutt kennt Dir Är Gemeng?



# INTRO



## LÉIF LIESER,

Informéiert ze gi wat an der Gemeng decidéiert a geschafft gëtt, war an ass ee Wonsch vun den Awunner aus der Géisdrefer Gemeng. Fir dat ze realiséieren hunn d'Gemengeresponsabel e Konzept fir eng Zeitung mat der Kommunikatiounsfirma CoCenTing ausgeschafft.

D'Resultat vun dëser Zesommenoarbicht hutt Dir lo virun Eech leien. Et ass déi éischte Gemengenzeitung mam Numm „Géisdrefer Lanter" déi vu lo un 2 mol am Joer rauskënnt.

Den Zweck vun enger Gemengenzeitung ass fir Informatiounen aus an iwwert d'Gemeng un d'Bierger virunzeginn. Ewer néck nëmmen dat! Si soll och fir eis Veräiner eng Plattform sënn. Dofir vun hei aus een Opruff: Léif Veräiner, weist eise Bierger wéi flott et ass an engem Veräi matzeschaffen. Schéckt eis Fotoe ran, mat engem klengen Text vun Äre Fester an Aktivitéiten. Mat Freed publizéiere mir dat an der „Géisdrefer Lanter" .

An all Ausgab fannt dir d'Berichter iwwert d'Gemengerotssitzungen. A speziell an dëser 1.Editioun kritt dir Explikatiounen zum Konzept vun der „Géisdrefer Lanter". Derbäi kommen Informatiounen a Reportagen iwwert Projeten aus eiser Gemeng.

Ech wënschen Eech eng interessant Lektür an hoffen d'Lanter liwwert Eech déi Informatiounen déi der Eech wënscht.

Léif Matbiergerinnen, Léif Matbierger,

Mir sti kuerz viru Chrëschtdag, dem Fest vum Fridden. E Fridden deen de Moment a Gefoar ass. De Krich an der Ukrain mat all senge Repercussiounen op d'Weltwirtschaft trëfft jiddwereen hei zu Lëtzebuerg an och an eiser Gemeng. D'Präisser vun der Energie an de Konsumartikele lafen eis fort. Duerch d'Präisdeiricht ass d'Finanzéiere vun enger Wunning fir vill Lekt zu enger grousser Erausfuerderung ginn. An Zukunft wäerte mir alleguer e bësse méi kuerz trëppele mussen a méi bewosst mat eise Ressourcen ëmgoen.

De Schäffen- a Gemengerot vu Géisdref hott an deem Sënn éischt Spoarmoossnamen decidéiert. Eng dovunner konnt direkt ëmgesat ginn. Dat ass d'Ausmaache vun de Stroosseluuchten zwëschen 1 Auer a 5 Auer moies. Eng aner Moossnam ass d'Installatioun vun neie Steierunge fir d'Hëtzen vun eise Gemengesäll méi effizient ze maachen. Wat nach alles op eis doarkomme wäert steet nach an de Stären.

Mee engt steet fest! Mir mussen zesomestoen an zesomenhandelen.

An dësem Sënn wënschen ech Eech schéi Chrëschtdeeg mat ärer Famill an e gudde Rutsch an dat neit an hoffenlich méi friddlicht Joer 2023.

Jean-Paul MATHAY
Buergermeester Gemeng Géisdref

# INTRO

## CHERS LECTEURS,

*Comme ce fût toujours le cas, les habitants souhaitent être bien informés des décisions et des travaux dans la commune. Pour en tenir compte, les responsables politiques communaux ont élaboré en collaboration avec la société CoCenTing un concept de communication.*

*Voilà en vos mains le résultat de cette collaboration. Il s'agit de la première édition de la « Géisdrefer Lanter », qui paraîtra désormais deux fois par an.*

*Le but de ce bulletin communal est de transmettre aux citoyens diverses informations concernant l'administration et la communauté en général. Mais pas seulement! Le bulletin servira également de plateforme pour les associations de notre commune. Voilà pourquoi je vous prie, chères associations, de montrer à nos concitoyens à quel point une collaboration au sein d'une association peut être formidable. Envoyez-nous des photos de vos festivités et de vos activités, accompagnées d'un petit texte. Nous nous ferons un plaisir de les publier dans la « Géisdrefer Lanter ».*

*Les derniers rapports des réunions du conseil communal seront intégrés dans chaque édition du bulletin. Dans cette première édition, vous trouverez des explications sur le concept de la « Géisdrefer Lanter ». Vous y découvrirez en outre divers reportages et informations sur les projets communaux.*

*Je vous souhaite une bonne lecture et espère que la « Lanter » vous fournira les informations que vous avez souhaitées.*

*Chères concitoyennes, chers concitoyens,*

*Nous sommes à la veille de Noël, la fête de la paix. Une paix qui est actuellement en péril. La guerre en Ukraine, avec toutes ses répercussions sur l'économie mondiale, touche tout le monde ici au Luxembourg et aussi dans notre commune. Les prix de l'énergie et des produits de consommation ne cessent d'augmenter. En raison de l'inflation, le financement d'un logement est devenu un défi majeur pour de nombreuses personnes. À l'avenir, nous devrons tous réduire nos consommations et utiliser les ressources de manière plus consciente.*

*Dans ce contexte, le collège échevinal ainsi que le conseil communal de la commune de Goesdorf ont décidé des mesures d'économie. Une première mesure a pu être appliquée immédiatement. Les éclairages publics seront éteints entre 1 et 5 heures du matin. Une autre mesure consiste à l'installation de nouveaux régulateurs de chauffage pour les salles communales afin de réduire la consommation. Ce qui nous attend est encore dans les étoiles.*

*Cependant, une chose est sûre: Nous devons serrez les coudes et agir ensemble!*

*Dans cet esprit, je vous souhaite un joyeux Noël pour vous et vos familles et une bonne et paisible année 2023.*


Jean-Paul MATHAY
Bourgmestre de la commune de Goesdorf

# COMMUNICATION

## UNE NOUVELLE STRATÉGIE POUR UNE MEILLEURE COMMUNICATION DE LA COMMUNE DE GOESDORF !

**Chère lectrice, cher lecteur,**

**Le collège échevinal a le plaisir de vous présenter la première édition de la « *Géisdrefer Lanter* », le magazine de la commune qui paraîtra désormais deux fois par an.**
**La Géisdrefer Lanter constitue un des éléments d'un nouveau concept de communication élaboré par l'agence *CoCenTing* en collaboration avec Madame Sandy Floener et validé, étape par étape, par les élus locaux.**
**Des premières interviews, avec une vingtaine de citoyens de la commune, à l'élaboration d'un nouvel ensemble graphique jusqu'à la détermination de l'univers de communication, comprenant les supports définis, vous aurez le loisir de prendre connaissance de tout cela au fil des prochaines pages.**






# À L'ÉCOUTE DES AVIS DES CITOYENS.

Dans un souci d'écoute et pour mieux comprendre les besoins ressentis par nos habitants, le conseil communal a donné mandat à Claude Nesser et sa société CoCenTing au printemps de l'année qui touche maintenant à sa fin, d'appliquer sa méthodologie *« Let's be consumer centric »*. Les 20 questions, posées à une vingtaine de villageois, sous forme d'interrogations en face à face, ont ainsi permis de distiller les fondements, l'ADN et la personnalité de notre commune.

Les réponses ont été présentées au conseil communal sous forme d'une synthèse, résumant les forces, les faiblesses, les opportunités et les menaces de notre commune. Sans entrer dans les détails de cette vue d'ensemble, nous sommes fiers de pouvoir vous informer que la majorité des personnes interviewées étaient contentes, même fières, d'habiter un des sept villages constituant notre commune.

Forts de ces renseignements, nous avons décidé de peaufiner, dans les mois et années à venir, encore davantage les forces qui sont attestées à notre commune tout en essayant d'éponger les faiblesses ressenties.
Toutes ces analyses, menées en amont, nous ont permis de disposer d'une base de travail solide pour procéder à l'élaboration et à la définition d'une nouvelle stratégie de communication.

Le but étant de s'exprimer de façon claire, cohérente et transparente en mettant en exergue des sujets intéressants et répondant à vos attentes.

# UN ENSEMBLE DE SUPPORTS DE COMMUNICATION IMPRIMÉS & DIGITAUX.

L'univers de communication est basé sur les trois traits suivants de la personnalité de notre commune : « *Congenial, Attractive & Protective* », en résumé CAP. Ces trois piliers constitueront ainsi les thèmes qui seront entre autres repris dans notre magazine communal.

Concrètement ces sujets graviteront principalement autour de :

- la vie sociale, culturelle et sportive
- la beauté des paysages, le sentiment de bien-vivre
- les aspects écologiques
- les moyens de transport en commun et la mobilité douce
- les infrastructures communales et les projets d'avenir

# LES SUPPORTS IMPRIMÉS. *« GÉISDREFER LANTER »*




Le nom retenu pour notre bulletin trouve ses origines dans l'histoire de notre commune : *« d'Antimon Minn »* , mine bien connue au-delà des frontières de notre territoire. Cette mine a été exploitée pendant des centenaires pour retirer un minerai rare, dans le but de le mélanger avec de l'étain et du cuivre.

Pendant des décennies, les ouvriers se servaient de torches afin de voir plus clair dans leur travail d'extraction sous terre. Afin de permettre aux habitants d'avoir une meilleure vue sur la vie de notre commune, nous sommes venus à la conclusion d'attribuer le nom de *« D'Géisdrefer Lanter »* à ce support, qui sera distribué deux fois par an sous forme de toutes-boîtes.

Nous avons décidé de retenir deux langues principales pour le magazine, le français et le luxembourgeois, afin de permettre à un maximum d'habitants d'accéder à ces informations.

Les personnes intéressées à contribuer au contenu de la *« Géisdrefer Lanter »* pourront le faire en soumettant un article *(lettre à la rédaction)* au service de la communication : *communication@goesdorf.lu*






# *SCHOULBICHELCHEN*

La première édition de ce support a été distribuée à tous les citoyens lors de la rentrée scolaire 2022/2023. Son contenu se concentre évidemment sur l'activité scolaire et tous les sujets, directement ou indirectement liés. Vu que le nouveau complexe scolaire de Dahl, qui regroupe désormais tous les acteurs de l'éducation formelle et non-formelle sur un même site, a des répercussions sur le flux du trafic à Dahl, la première diffusion du Schoulbichelchen a été effectuée sous forme d'un toutes-boîtes. Pour les prochaines éditions nous envisageons cependant de limiter sa diffusion aux seuls parents concernés.




# LES SUPPORTS DE COMMUNICATION DIGITALE.

## LE SITE INTERNET *WWW.GOESDORF.LU*

Le site internet restera la source de renseignement digitale primaire de la commune. Il contient les informations principales du fonctionnement de la commune ainsi que les services proposés aux habitants. Courant du premier semestre 2023 le site fera l'objet d'une refonte.

SMS2CITIZEN

## LE SERVICE DE MESSAGERIE *SMS2CITIZEN*

Le service de messagerie *sms2citizen* sera proposé avant l'été 2023 à nos citoyens, afin de ne plus rater d'informations importantes de la commune.

Dans la 1re édition 2023 de la Géisdrefer Lanter nous reviendrons plus en détail sur les différents supports digitaux.

## LA PAGE *FACEBOOK / COMMUNEDEGOESDORF*

Pour rester bien informés sur l'actualité et les activités de la commune, nous invitons tous les citoyens à suivre notre page facebook, qui sera, elle aussi, adaptée au nouveau Brand Universe.




GOESDORF
Gemeng Géisdref
Hei wëll ech bleiwen!

# UNE IDENTITÉ GRAPHIQUE POUR UNE MEILLEURE VISIBILITÉ *(LIVING LOGO).*

Pour accompagner notre stratégie de communication, un nouveau logo ainsi qu'un nouvel univers graphique ont été conçus et développés par la graphiste indépendante Zoë Mondloch.

Le blason de notre commune ne reflétait plus la personnalité de notre commune.

Jugé trop distant et ne véhiculant pas les messages souhaités, nous nous sommes dotés d'une nouvelle identité visuelle.

Le nouveau logo, plus moderne et plus épuré, reprend les éléments distinctifs de notre commune.

Le château d'eau de Dahl, reconnaissable de loin à travers sa forme spécifique, est placé dans un univers naturel. La particularité de ce logo réside dans le fait qu'il fait partie d'une nouvelle ère de logos, qualifiés de *« living logo ».*

Sa représentation graphique n'est pas figée, mais elle évolue au fil des saisons.  À part la version principale *(été)*, vous allez le découvrir sur divers supports dans ses déclinaisons printanière, automnale et hivernale.




# *LE SERVICE COMMUNICATION DE LA COMMUNE.*

Le service communication est en charge du flux d'informations entre les citoyens et les différents départements de l'administration communale.

Ce service s'occupe entre autres de la publication de la « *Géisdrefer Lanter* », coordonne l'organisation des manifestations, tient à jour le site internet et alimente la page Facebook.

Si vous avez des questions, des idées ou des suggestions d'amélioration, Sandy Floener et ses collègues se tiennent à votre entière disposition.

**CONTACT:**
Sandy Floener
**E** communication@goesdorf.lu

# « HEI WËLL ECH BLEIWEN »

*« Last but not least »*, nous nous sommes également munis d'une signature *(slogan).*

L'affirmation *« Hei wëll ech bleiwen »* ressort des interviews menées avec les citoyens. Certaines personnes, non originaires de la région, ont affirmé ne plus jamais vouloir partir d'ici.

Quel beau témoignage reflétant parfaitement le bien-vivre attesté à la commune.

Dësen Artikel fannt dir och op Lëtzebuergesch um Site vun der Gemeng andeems Dir dëse Code scannt.

# ZEFRIDDENHEETS-ËMFRO

Léif Awunner, léif Elteren,

fir d'Schoulorganisatioun 2022/2023 gouf d'Zuel vun eise Schoulsamsdeger vum Edukatiounsministär no uewen ugepasst, fir eise Kanner de gesetzleche Minimum u Schoulstonne kënnen ze garantéieren. Doduerch gouf allerdéngs de gewinnte Rhythmus vun de Schoulsamsdeger op d'Kopp geheit.

Dëst huet bei den Elteren zu villen Diskussioune gefouert.

Doropshin huet de Gemengerot decidéiert eng Zefriddenheetsëmfro iwwer eisen aktuelle Schoulhoraire ze lancéieren. Hei ginn d'Eltere vun de Kanner perséinlech ugeschriwwen an em hir Meenung gefrot. Parallel froe mer och d'Léierpersonal an d'Personal aus der Maison Relais wéi si zu eisem Schoulhoraire stinn.
Är Äntwerte sinn natierlech anonym.

D'Auswäertung vun dëser Ëmfro gëtt eis d'Méiglechkeet d'Wënsch an d'Erwaardunge vun den Elteren aus eiser Gemeng besser ze verstoen.

**Dofir wiere mir frou, wann Dir a grousser Zuel géift deelhuelen!**



**Weider Informatiounen zu der Ëmfro, fannt Dir hei ënnendrënner:**

- Ugangs zweet Trimester, am Januar 2023, ginn d'Eltere per Courrier ugeschriwwen a kënnen un eiser Ëmfro deelhuelen an hir eventuell Proposen an Iwwerleeungen dobäi schreiwen

- Et geet just een Ziedel pro Stot eraus (och wa méi Kanner do wunnen)

- Mir bieden Iech, den aneren Elterendeel iwwer des Ëmfro z'informéieren (fir déi elengerzéiend Elteren)

- Schéckt eis wgl de Formulaire zréck op d'Gemeng, oder geheit eis en an d'Boîte

- D'Resultater vun den Eltere gi separat zu deene vum Personal ausgewäert.



*Chers habitants, chers parents*

*Pour l'organisation scolaire 2022/2023, le nombre de samedis soumis à l'obligation scolaire a été augmenté par le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse afin de pouvoir offrir aux enfants le nombre minimum de leçons d'enseignement requis. De ce fait, le rythme habituel des samedis scolaires a été perturbé.*

*Ce changement a donné lieu à de nombreuses discussions de la part des parents.*

*Ainsi, le conseil communal a décidé d'organiser une enquête de satisfaction dans le cadre de laquelle les parents seront contactés personnellement pour leur demander leur avis. En même temps, nous demandons également l'avis du personnel enseignant et du personnel éducatif de la maison relais.*

*Vos réponses seront bien entendu anonymes.*

*L'évaluation de l'enquête nous donnera la possibilité de mieux comprendre les attentes des parents de notre commune.*

***C'est pourquoi nous serions heureux que vous soyez nombreux à y participer !***

# ENQUÊTE DE SATISFACTION

***Voici encore quelques informations supplémentaires concernant l'enquête en question :***

- *En janvier 2023, c'est-à-dire au début du deuxième trimestre, les parents seront contactés personnellement par courrier et pourront répondre au sondage et ajouter leurs réflexions ou propositions éventuelles.*
- *un seul bulletin d'enquête sera envoyé par ménage (même si plusieurs enfants en font partie)*
- *nous vous prions d'informer l'autre parent de cette enquête (pour les ménages monoparentaux)*
- *renvoyez svpl le formulaire rempli à la commune ou déposez-le dans notre boîte aux lettres*
- *les résultats des parents et ceux du personnel seront analysés séparément.*

# GEMENGEWALE VUM 11. JUNI 2023

## FIRWAT WIELEN ?

*Kommt mir gi bei den nächste Wale wielen, fir dass eis Stëmm an der Gemengepolitik gehéiert gëtt!*

*An eiser Gemeng gëtt no dem System vun der relativer Majoritéit („Majorzgemeng") gewielt. Dir hutt esou vill Stëmmen ewéi d'Zuel vun de Conseilleren, déi an de Gemengerot gewielt musse ginn. Dir gitt Är Stëmm of, andeems Dir e Kräiz (+ oder x) an d'Case no dem Numm vun engem oder méi Kandidate maacht, bis Dir den Total vun de Stëmmen, déi Dir zur Verfügung hutt, erreecht hutt.*

**NEIEGKEET:**

Ofschafung vun der 5-Jores Wunnsëtzklausel duerch d'Gesetz vum 22. Juli 2022 fir Net-Lëtzebuerger, souwuel beim aktive wéi och beim passive Walrecht.

Auslännesch Matbierger kënnen sech bis e **Méinden, 17. Abrëll 2023 um 17.00 Auer** bei der Gemeng op d'Wielerlëscht aschreiwen.

echkawielen.lu

## BRÉIFWAL

*D'Demande fir d'Bréifwal muss Dir an Ärer Gemeng maachen, an där Dir agedroe sidd:*

- *Fréistens 12 Wochen (20. Mäerz 2023) a spéitstens 25 Deeg (17. Mee 2023) virum Waldag, wann Är Convocatioun soll op eng* ***Adress zu Lëtzebuerg*** *geschéckt ginn*
- *Fréistens 12 Wochen (20. Mäerz 2023) a spéitstens 40 Deeg (2. Mee 2023) virum Waldag, wann Är Convocatioun soll op eng* ***Adress am Ausland*** *geschéckt ginn.*



## DIR WËLLT IECH OPSETZEN?

*Fir Kandidat ze gi musst Dir bis spéitstens de* ***Mëttwoch 12. Abrëll 2023 tëscht 17.00 an 18.00 Auer*** *op d'Gemeng kommen, fir Iech anzeschreiwen.*

# ELECTIONS COMMUNALES DU 11 JUIN 2023

## POURQUOI VOTER ?

Soyons nombreux à participer aux élections pour faire entendre notre voix dans les décisions politiques communales !

Les élections de notre commune se font d'après le système de la majorité relative (« Majorzgemeng »). Vous disposez d'autant de votes qu'il y a de conseillers à élire au conseil communal. Lors du vote, vous exprimez votre choix en inscrivant une croix (+ ou x) dans la case placée à la suite du nom d'un ou de plusieurs candidats et jusqu'à concurrence totale des votes dont vous disposez.

## VOTE PAR CORRESPONDANCE

La demande de vote par correspondance doit obligatoirement parvenir à la commune où vous êtes inscrit :

- Au plus tôt 12 semaines (20 mars 2023) et au plus tard 25 jours (17 mai 2023) avant la date des élections, si votre lettre de convocation doit être envoyée à une **adresse au Luxembourg**
- Au plus tôt 12 semaines (20 mars 2023) et au plus tard 40 jours (2 mai 2023) avant la date des élections, si votre lettre de convocation doit être envoyée à une **adresse à l'étranger**.

## COMMENT DEVENIR CANDIDAT ?

Les candidats doivent se déclarer à la commune jusqu'au **mercredi 12 avril de 17.00 à 18.00 heures**.

### NOUVEAUTÉ :

Abolition de la clause de résidence de 5 ans par la loi du 22 juillet 2022 pour les non-luxembourgeois, tant au niveau de l'électorat actif qu'au niveau de l'électorat passif.

Les ressortissants étrangers peuvent effectuer leur demande d'inscription à tout moment à la commune jusqu'au **lundi 17 avril 2023 à 17 heures.**

jepeuxvoter.lu



# PANNEAU TOUR DÄIWELSLEE

**Samschdes Owes, den 30. Juli 2022 ass am Steebroch op der N27 tëscht der Boukelsermillen an dem Heischtergronn am Kader vum Summerfest e Panneau ageweit ginn.**



D‘ Initiative hei fir ass vum Jean-Paul Mathay ausgaangen, deen a senger Funktioun als Buergermeeschter a President vum Syndicat d’Initiative vun der Gemeng Géisdref interessant Plazen an der Gemeng opwäerte wëll. Net nëmmen ass dëse Site een eemolegen Aussiichtspunkt iwwert d’Sauer ewech, mee et spillt och nach eng Seechen aus dem 19. Joerhonnert op dëser Plaz, wéi de Nikolaus Gredt a sengem „Sagenschatz des Luxemburger Landes“ 1883 festgehalen huet. Dem Paschtouer J. Prott no befënnt sech op dëser Plaz tëschen Toodler a Géisdref, eng Lee mat Hexen a geféierlechem Gedéiesch, genannt d’Däiwelslee.

Dëst war dunn d’Basis vun der Gestaltung vun engem touristesche Panneau, deen op dëse Site mat Aussiichtspunkt sollt kommen. De Carlo Schmitz gouf doropshi mat der Gestaltung vun engem Panneau beoptraagt. Dëse baséiert op enger gezeechenter Illustratioun vun der Seechen.

# RISTIQUE





Am selwechte Kontext ass dunn d'Iddi opkomm, de ganze Site vum Steebroch ze revaloriséieren, woubäi déi beschriwwen Däiwelslee selwer an de schmuele Pad dohinner gebotzt a fräigeluecht goufen. Den Aly Weicherding an de Serge Michels hunn sech däser Aarbecht ugeholl.

Eng offiziell Aweiung vu Panneau a Site mat festlechem Encadrement huet sech opgedrängt. Well dëse Site och d'Plaz vun enger Buvette mat klenger Restauratioun ass, déi säit dem leschte Joer vun de Vältesfrënn Boukels am Kader vum Vëlosummer bedriwwe gëtt, huet et sech ugebueden dëst mateneen ze verbannen. Well d'Streck vun der N27 de ganze Weekend iwwer vum 30. bis 31. Juli fir de Vëlosummer gespaart war, an d'Infrastruktur op der Plaz wor, gouf e klengt "Summerfest" an d'Liewe geruff, dat d'Leit aus der Gemeng mat hire Frënn a Bekannten zesumme geféiert huet. Dëst Fest huet dobäi eng sëllegen Attraktiounen ze bidde gehat. Ugefong mat der musikalescher Begleedung duerch Danzmusek vum Jos Schartz. Fir e kulinareschen Highlight huet d' „Däiwelslee" gesuergt. Dëst war een Teller mat lokale Produite ronderëm d'Schwäin mat Zalot konzipéiert vum Aly Weicherding. Den Héichpunkt war awer déi offiziell feierlech Aweiung vum Site a Panneau duerch de Chamberpresident Fernand Etgen an de Marc Keilen a senger Funktioun als Schäffe vun der Gemeng Géisdref.

Den Uklang vun däser ganzer Manifestatioun war bei all de Leit esou grouss dass sech eng weider Oplo vum Summerfest opdrängt, dat d'nächst Joer zur selwechter Zäit.

*Text: Val Weicherding*





# MOTOCROSS BOUKELS

D'Motocross-Streck Boukels ass eng eenzegaarteg Natur-Piste, wéi een se net oft an Europa fënnt. D'Streck huet en natierlechen Héichtenënnerscheed vu 70 Meter an integréiert sech komplett an d'Natur. Fir dass dat esou bleift, gëtt beim Ënnerhale vun der Streck esou mann wéi méiglech an d'Natur agegraff. Am Géigendeel, iwwer de Laf vun de Joren huet d'Natur sech schonn en Stéck vun der Streck erëm ënnert den Nol gerappt.

An Zesummenaarbecht mat verschiddene Ministèren (ënner anerem dem Sports- an Ëmweltministère), der Gemeng Géisdref an der Federatioun MUL (Motor-Union Luxembourg) gëtt d'Piste an d'Natur rondërëm iwwer d'Saison preparéiert an ënnerhale fir dem Sport gerecht ze ginn, andeems sech un déi divers administrativ Virgabe gehale gëtt.

Zweemol d'Joer gëtt op der nationaler Motocross-Piste zu Boukels en Event vum Motorsport Club Ermsdorf (MSCE) organiséiert. Den nationale Championnat vun de lëtzebuergesche MX-Series fënnt all Joer statt, an dëst Joer gouf fir d'éischte Kéier de Südwest-Cup zu Boukels ofgehalen. Op de Course gi verschidde Klasse gefuer, wou jiddereen säin Niveau, respektiv déi technesch Gegebenheete fir sech a säi Moto fënnt.



De Südwest-Cup ass eng Zesummenaarbecht vu Clibb aus dem Saarland a Rheinland-Pfalz. Schonns säit Jore fueren hei Lëtzebuerger Pilote mat a vereenzelt Course gi fir de lëtzebuergeschen nationale Championnat gewäert. Dofir war et un der Zäit, dass och Lëtzebuerg sech mat enger Course bedeelegt. Den MSCE huet sech der Saach ugeholl an déi éischte Course vum Südwest-Cup iwwer e ganze Weekend, den 8. an 9. Oktober 2022, zu Boukels organiséiert. Niewent deenen üblleche Klasse gouf et hei och eng Klass fir net ageschriwwe Piloten, Dammen a fir eis jonk Piloten. Iwwer de Weekend verdeelt waren eng ronn 150 Piloten um Start, genau sou wéi eng 500 Zuschauer. De Cup gouf opgemaach mat engem fräien Training. Dono gouf en Zäittraining gefuer, och nach Qualifikatioun ge-



nannt, a Mëttes goufen 2 Manche Course gefuer, jeeweils 15 oder 20 Minutte laang.

Den 23. Oktober huet den nationale Championnat stattfonnt, wou jiddereen sech melle ka fir matzefueren. Op engem Dag eleng waren ëm 140 Pilote vun alle Klassen um Start. Hei gouf Moies een Training an eng Qualifikatioun gefuer, an dono 2 Manche Course.

Dëst Joer goufe vill Fuerer aus Däitschland begréisst, déi hier Saison am Südwest-Cup fuere komm sinn, an den MSCE krut vill Komplimenter iwwer d'Piste an d'Organisatioun. Des Fuerer schléissen sech deenen aus der Belsch a Frankräich un, déi mer scho méi oft hunn dierfe begréissen, esou dass mir elo en groussen Interessi an der ganzer Groussregioun hunn, wat e Grondsteen duerstellt fir eis Piste nach besser notzen ze kënnen.

Den MSCE huet 2022 zwee top Weekender ëmgesat, wat net méiglech gewiescht wier ouni d'Hëllef vun der Gemeng, der Federatioun an de fräiwëllegen Hëllefer.

**Fir weiderhin de Standard vun eisen Coursen an Trainingen erhalen ze kënnen, si mir ëmmer op der Sich no zouverlässlege Partneren, déi eis bei der Ëmsetzung ënnerstëtze kënnen.**

Gläichzäiteg seet den MSCE e grousse Merci un all d'Awunner vun der Gemeng Géisdref an hofft och deen een oder aneren op de Course kënnen ze begréissen.

Wann Froen zu den Eventer oder dem Sport sinn, oder Äre Betrib eis sponsere wëllt, sti mir gären zur Verfügung.

*Text: Alex Frieden / Fotoen: Kevin Prud'homme*





msce.lu

# PÄIPERLÉCK

## Aides et Soins à Domicile et Résidences Seniors

Päiperléck, e Familljebetrib an zweeter Generatioun, bitt sou gutt wéi all Fleegedéngschter am Beräich vum 3. Alter un, souwéi och zousätzlech Leeschtunge vun engem mobille Fleegedéngscht, Dagesbetreiungen, Betreit Wunnen (Schengen, Beefort, Wooltz a Bissen) an Altersheemer (Rodange, Esch-Uelzecht a Bissen).

***E Familljebetrib dee besonnesch no bei senge Clients ass***

Zousätzlech huet Päiperléck zwou nei Offeren, déi een a Lëtzebuerg méi rar untrefft:

Déi éischt Offer si Vakanzebetten a Kooperatioun mam 4-Stären-Hotel „Hôtel Bel-Air, Sport & Wellness“ zu Iechternach. Hei kenne Senioren, op fleegebedierfteg oder net, Vakanz maachen an sech vun Krankheet, enger Operatioun oder engem Accident, begleet vu geschoultem medezineschem Personal, erhuelen a rëm gesond ginn.

Déi zweet Offer ass de „Nuets Päiperléck“, dee 24 Stonnen am Dag fir Iech am Asaz ass a sech em Palliativ-Patiente vun all Alter këmmert.

Eng wichteg nei Etapp am Norde vum Land ass d'Eréffnung vum neie Standuert vum mobille Fleegedéngscht – SAD Dahl, am ale Paschtoueschhaus zu Dol, seit Oktober 2021. Hei ginn de Clients folgend Déngschtleeschtungen ugebueden:

- Mobille Fleegedéngscht 7 Deeg/Woch
- Bluttanalysen op RDV 6 Deeg/Woch vu 6.30 – 9.00 Auer, am ale Paschtoueschhaus zu Dol oder bei Iech doheem
- Kiné- an Ergotherapie nomëttes vu Méindes bis Freides, am ale Pachtoueschhaus oder bei Iech doheem

*Text: Stéphanie Gretsch, Fotoen: ©Päiperléck*



## Neie Standuert zu Dol, mat erweiderte Leeschtungen

## *Nouveau site à Dahl, avec des services étendus*



### *Une entreprise familiale particulièrement proche de ses clients*

*Päiperléck, une entreprise familiale de deuxième génération, offre presque tous les services de soins aux personnes âgées, ainsi que des services supplémentaires comme les soins mobiles, un centre de jour (CGP), résidence assistée (Schengen, Beaufort, Wiltz et Bissen) et les maisons de retraite (Rodange, Esch-sur-Alzette et Bissen).*

*En outre, Päiperléck propose deux nouvelles offres, plus rares au Luxembourg.*

*La 1ière offre est celles des lits de vacances en coopération avec l'hôtel 4 étoiles « Hôtel Bel-Air, Sport & Wellness » à Echternach. Les seniors, qu'ils aient besoin de soins ou non, peuvent y passer des vacances et se remettre d'une maladie, d'une opération ou d'un accident, accompagnés par un personnel médical qualifié et retrouver la santé.*

*La deuxième offre est le « Nuets-Päiperléck », qui est à votre disposition 24 heures sur 24 et s'occupe des patients palliatifs de tous âges.*

*Une nouvelle étape importante dans le nord du pays est l'ouverture du nouveau site du service de soins mobiles – SAD Dahl, dans l'ancien presbytère de Dahl, depuis octobre 2021.*

*Les services suivants y sont proposés aux clients :*
- *Service de soins mobiles 7 jours/semaine*
- *Prise de sang sur rendez-vous 6 jours/semaine de 6.30 – 9.00 heures, sur place comme au domicile du client ainsi que*
- *Kinésithérapie et ergothérapie l'après-midis du lundi au vendredi, sur place ou au domicile du client.*

*Text: Stéphanie Gretsch, Fotoen: ©Päiperléck*

| | |
|---|---|
| **SAD Dahl** | 24, Duerfstrooss<br>L-9644 Dahl (Goesdorf) Tel. 24 25 20 10<br><br>Elodie Baiao – Responsable Infirmerie SAD |















# AER ANNONCE, FOTOEN, ARTIKELEN ETC AM MANIFESTATIONSKALENNER

**D'Clibb an d'Associatioune stellen e wesentleche Bestanddeel vum sportlechen a kulturelle Liewe vun enger Gemeng duer.**

**Dowéinst hu mir decidéiert fir ären Eventer an Organisatiounen an Zukunft méi eng grouss Visibilitéit z'assuréieren.**

D'Géisdrefer Lanter ass en exzellente Support dofir. Ab 2023 wäert eis Informatiounszeitung zwee Mol d'Joer un d'Awunner aus-gedeelt ginn.

Hei ass Platz virgesi fir kommend Manifestatiounen unzekënnegen, oder op Veranstaltungen zréck ze kucken.

E Flashback kann ënnert der Form vun engem klenge Fotoreportage mat e puer Zeilen Text gemaach ginn.

Dëst funktionéiert awer net à sens unique. Ouni iech geet et net !

Dir musst eis hëllefen an Äert Material (Fotoen a gudder Qualitéit an Text am Word-Format), era schécken.


Dead-Line fir d'Material vun der 1. Editioun 2023 vun der Géisdrefer Lanter ass den 31.03.2023.

Mir halen eis selbstverständlech, als Éditeur responsable, d'Recht vir, Texter ze reformuléieren, ze kierzen oder Passagen ze sträichen.


Setzt iech un är Tastatur, huelt de Fotoapparat an d'Hand a schéisst lass.

Merci fir är Mathëllef.

**communication@goesdorf.lu**





Implantation - Sous-sol



## 2ÈME ÉTAGE

**APPARTEMENT 05**
STUDIO
45,4 M²

**APPARTEMENT 04 - DUPLEX (HAUT)**
4 CHAMBRES
116,6 M²



## 1ER ÉTAGE

**APPARTEMENT 04 - DUPLEX (BAS)**
4 CHAMBRES
116,6 M²

**APPARTEMENT 03**
2 CHAMBRES
70,2 M²



## REZ-DE-CHAUSSÉE

**APPARTEMENT 02**
3 CHAMBRES
88,7 M²

**APPARTEMENT 01**
3 CHAMBRES
88 M²

# RÉSIDENCE «KIIRCHEWEE» À NOCHER

La résidence « Kiirchewee » à Nocher prévoit la construction de 5 logements destinés à la location. Celle-ci est réalisée par l'Administration Communale de Goesdorf en collaboration avec le Ministère du Logement dans le cadre du programme de logement à coût modéré.

Le bâtiment est composé d'un volume principal de forme traditionnelle et d'un volume annexe offrant une toiture terrasse. L'ensemble du projet s'intègre ainsi complètement dans le tissu villageois présent. La pente naturelle du terrain permet la création d'un accès de plein pied au niveau du sous-sol ainsi qu'au niveau du rez-de-chaussée.

Les 4 appartements comprennent 2 à 4 chambres à coucher et disposent d'amples terrasses orientées vers le Sud en plus d'une vue dégagée sur le paysage. Le 5ème logement, quant à lui, est un studio situé dans les combles.

**L'achèvement des travaux et la mise en location sont prévus pour fin 2023.**

*Text: Architecture Hoffmann*



Vue façade avant / façade latérale droite



Vue façade avant / façade latérale droite

logement.lu


# BLICK FÜRS DORF

**Die Gestaltungsidee ist einem partizipativen Prozess entsprungen, an dem alle interessierten Einwohner teilnehmen und ihre Wünsche einfließen lassen konnten. Basierend auf dem Hauptanliegen, die Mine in Szene zu setzen und den Minenpfad aufzuwerten, wurde auch die Gestaltung des Dorfplatzes, die Renovierung des Museums und die Errichtung eines Jugendraumes in das Projekt mit einbezogen.**

***Dieses Projekt wird in 2 Phasen realisiert werden, die sich wie folgt aufteilen:***

***Phase 1:***
Technische und landschaftsgestalterische Arbeiten, mitsamt der Beleuchtung, dem Wegebau und der Pflanzarbeiten, wurde vom Gemeinderat am 1. Juni 2022 angenommen.

***Phase 2:***
Sonnenschutz, Spielgeräte und Fallschutzflächen sind für das Jahr 2023 geplant.



papaya
urbanistes et architectes paysagistes

Der Spielplatz gliedert sich in 2 Bereiche, wobei jeder die gleiche Thematik aufgreift und Kinder unterschiedlichen Alters anspricht.

Da Goesdorf ein ländliches Gebiet ist, wurde bei der Auswahl auf natürliche Materialien zurückgegriffen damit der zukünftige Spielplatz sich harmonisch in das Gesamtbild einfügt. Die einzelnen Themenbereiche werden von Holzpflöcken oder Holzstämmen umrandet und auch der spätere Fallschutzbelag besteht aus Holzhackschnitzel. Für die notwendige Geländemodellage werden Gabionen genutzt und die neue Wegeführung verbindet den zukünftigen Spielplatz mit dem Aufenthaltsplatz vor dem Centre culturel. Sitzmöglichkeiten und eine stimmungsvolle Beleuchtung runden das Gesamtbild ab.

Die Mine kann mittels einer Wanderung entdeckt werden. Hier arbeiten das ORT Éislek (Zeitreise), LEADER und das PNHS zusammen. Der neue Dorfplatz bildet den Ausgangs- und Ankunftspunkt dieser Wanderung und verbindet die unterschiedlichen Nutzungen: die Wanderung, die Mine, das Museum, sowie das Jugendhaus.

## *Jugendplatz*

Auch die Jugendlichen haben am partizipativen Prozess teilgenommen und ihre Ideen eingebracht. Neben dem neuen Jugendsaal brauchen sie ebenfalls einen Außenbereich; eine Ecke, in der sie gemütlich beisammensitzen können. Der Grillplatz lädt zum Verweilen ein und neue Projekte können besprochen werden.
Der neue Bereich hinter dem Museum wird gänzlich ausgepflastert. Gabionen, die den Höhenunterschied im Gelände auffangen, können auch als Sitzgelegenheit genutzt werden. Dieser Platz steht den Besuchern des Spielplatzes tagsüber ebenfalls zur Verfügung. *Text: Laura Alldis, Papaya*



logement.lu

OBLIK.

# PROJET PIIRES

## RÉAMÉNAGEMENT DU « CAFÉ PIIRES » ET LOGEMENTS ABORDABLES À GOESDORF







Le réaménagement prévoit deux bâtiments ; la maison du café et l'ancienne grange.

Le projet sera réalisé par la commune de Goesdorf en collaboration avec le ministère du Logement dans le cadre du programme de logements à loyer modéré.

La culture du bâtiment existant, classé monument historique, sera préservée dans la mesure du possible.

Le café comprend une salle de réunion au rez-de-chaussée et un appartement à l'étage/au grenier.

L'ancienne grange sera transformée en un immeuble d'habitation contenant 2 appartements en duplex à louer avec des entrées séparées.

L'achèvement des travaux est prévu pour printemps 2024.

# DAG VUM BAM

## EENHEEMESCH HECKEN A BEEM FIR DÉI NEI SCHOUL ZU DOL

***Och an der Gemeng Géisdref gouf dëst Joer geplanzt. An dat net ze knapps !***






Mëtt November ginn traditionell uechtert d'ganzt Land Hecken a Beem am Kader vum nationalen Dag vum Bam geplanzt. De Naturpark Öewersauer bedeelegt sech all Joer un dëser flotter Aktioun an organiséiert Planzaktiounen, virun allem fir d'Schoulkanner aus der Regioun.

Och an der Gemeng Géisdref gouf dëst Joer geplanzt. An dat net ze knapps !

Um Site vun der neier Schoul zu Dol hunn d'Schoulkanner selwer dozou bäigedroen, dass hire Schoulhaff méi schéin a méi lieweg gëtt. Op verschiddene Plaze ronderëm d'Schoul goufe Mëschhecken aus eenheemesche Planzen ugeluecht a Beem geplanzt. A beschtem Hierschtwieder, mat vill Bulli a nach méi Freed, hunn d'Kanner sou am ganzen iwwer 150 m Heck a 4 Laafbeem gesat. Fir hir Méi goufen si all mat enger gudder Mëtsch belount, déi d'Gemeng hinnen offréiert huet.

Vum Cycle 2 bis zum Cycle 4 hunn all Kanner matgemaach a kënnen sech an Zukunft dovun iwwerzeege wéi « hir » Planze wuessen a wéi eng Déieren doduerch de Schoulhaff wäerte mat hinnen deelen.

E grousse Merci un d'Léierpersonal an d'Aarbechter vun der Gemeng déi déi ganz Aktioun esou gutt ënnerstëtzt hunn an natierlech, virun allem, un d'Kanner fir hir fantastesch Aarbecht!

*Text: Patrick Thommes*
*Fotoen: © Naturpark Öewersauer*

NATURPARK ÖEWERSAUER

# THANK YOU

**The world rests on kind, caring and sympathetic people with big hearts and light souls. We, a family from Ukraine, were lucky to meet exactly such people in Luxembourg. Mr. Schiltz Fernand and Mrs. Lucienne, did not remain indifferent to our situation, and opened their house for us.**

Thank you, dear Schiltz family! For your help and care, support and kindness, for a place in your home, attention and trust, for your time and generosity, for the lightness and warmth of your souls. We are grateful to you for every warm and heartful minute in your house!

No matter how fate decides further, Mrs. Lucienne and Mr.Fernand Schiltz will forever remain in our memories and in the history of our family.

Your nobleness is worthy of admiration and respect!

Grateful Family from Ukraine – Kukhotsky Olga, Anna and Maxim

# MANIFESTATIOUNSKALENNER 2023

| DATUM | | VERÄIN | UERTSCHAFT |
|---|---|---|---|
| 27.01.2023 | Theater | Hexemeeschter | Sall Nacher |
| 28.01.2023 | Theater | Hexemeeschter | Sall Nacher |
| 02.02.2022 | Liichtmessdag | Kanner | Sall Dol/Nacher/Géisdref/ Bitscht |
| 03.02.2023 | Theater | Hexemeeschter | Sall Nacher |
| 04.02.2023 | Theater | Hexemeeschter | Sall Nacher |
| 12.02.2023 | Vältesfest | Vältesfrenn Boukels+ Jeunesse Grange Pinon | |
| 16.02.2023 | Fettendonneschdig | Kanner | Sall Dol/Nacher/Géisdref/ Bitscht |
| 26.02.2023 | Buergbrennen | | |
| 17.03.2023 | Theater | Theaterfrenn Géisdref | Sall Géisdref |
| 18.03.2023 | Grouss Botz | Gemeng + Entente Gemeng | |
| 18.03.2023 | Theater | Theaterfrenn Géisdref | Sall Géisdref |
| 24.03.2023 | Hobbymaart - Vernissage | Coin de Terre | Sall Nacher |
| 24.03.2023 | Theater | Theaterfrenn Géisdref | Sall Géisdref |
| 25.03.2023 | Hobbymaart | Coin de Terre | Sall Nacher |
| 25.03.2023 | Theater | Theaterfrenn Géisdref | Sall Géisdref |
| 26.03.2023 | Hobbymaart | Coin de Terre | Sall Nacher |
| 26.03.2023 | Theater | Theaterfrenn Géisdref | Sall Géisdref |
| 15.04.2023 | Tournoi | Desch Tennis Nacher | Sportshall Dol |
| 01.05.2022 | 1te Mai Feier | Jeunesse Géisdref | Duerf Boukels/Géisdref |
| 07.05.2023 | Kirmes Dol | Duerf Dol | |
| 07.05.2023 | Kirmes Dol /Réception | Sängerfrenn Caecilia | Sall Dol |
| 14.05.2023 | Kirmes Nacher | Duerf Nacher | |

## ! D'Grouss Botz 2023 ass den 18. Mäerz 2023

Paakt eng Hand mat un, fir eist Duerf propper ze halen!



Réckbléck op d'Grouss Botz 2022

# FOTO-REPORTAGEN

## VUN E PUER ZEREMONIEN AUS EISER GEMENG


1


2


3


4


5

**50 Joer « Entente des sociétés de la commune »**

1. Éierung vum Jos Crochet fir seng 50-jähreg Presidentschaft vun der „Entente des Sociétés“ - Gemeng Géisdref
2. Josette Weiler, Marc Keilen
3. Karin Scholer, Marc Keilen

**De Kleeschen op Besuch**

4. Cycle 1
5. Cycle 2-4

6. „Journée du 3ème âge”


6

Fotoquiz

# WÉI GUTT KENNT DIR ÄR GEMENG?

Wéi dir alleguerte wësst, hu mir de Privileeg an enger ganz schéiner Landschaft ze wunnen an ze liewen. Mais, wéi soen d'Fransousen „Nul n'est prophète en son pays“.

Dat wäert bei eis alt net vill anescht sinn!

Dowéinst hu mir dëse Quiz an d'Liewe geruff. Op de nächste 4 Säite gesitt dir eng Réi Fotoen, déi all an eiser Gemeng geschoss goufen.

Verschidde vun dëse Fotoe sinn einfach z'erkennen, bei aneren ass et bësse méi komplizéiert. Matmaachen, par contre, ass ganz liicht.

Op der leschter Säit fannt dir e Formulaire, do schreift der hannert all Nummer, wou dat ass, a schéckt eis dat zréck bis de 15. Januar 2023.

Ween weess, vläit entdeckt der nei Plazen, déi der nach net gesinn hutt? Oder et erwächt en neien Virwëtz, eis Gemeng erkundschaften ze goen?

Wa méi richteg Äntwerten era kommen, entscheet d'Lous.



**Den 1. Präis ass, wei kënnt et anescht sinn, dëse flotte Set vu Lantere vun der Käerzefabrik zu Heischent.**

**Vill Spaass beim sichen a roden!**



1



2



3



4



5



6

# RÈGLEMENT CONCERNANT LES MODALITÉS DE PARTICIPATION AU CONCOURS DÉNOMMÉ « FOTO-QUIZ »

Ce jeu-concours est organisé par l'administration communale de Goesdorf établi à L-9653 Goesdorf, 1, op der Driicht, représenté par son collège des bourgmestre et échevins actuellement en fonctions.
Est mis en jeu un cadeau d'une valeur maximale de 250€.
Ce concours gratuit est ouvert à toute personne physique majeure, excepté les organisateurs, les membres du jury et leurs familles jusqu'au premier degré inclus.
Une seule participation par personne et par jeu-concours est autorisée.

Conformément à la législation en matière à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement de données à caractère personnel, les données à caractère personnel que les participants communiqueront à l'administration communale lors de leur participation aux jeu-concours font l'objet d'un traitement par l'administration communale afin de permettre la sélection des gagnants.
Les données à caractère personnel sont notamment traitées par les agents de l'administration communale chargés de l'organisation du jeu-concours.

Le nom du gagnant pourra être publié sur le site Internet de la commune ou/et dans la prochaine édition de la Géisdrefer Lanter.

Le gain offert ne peut donner lieu à aucune contestation ni quant à sa nature, ni quant à une demande d'échange ou de contre-valeur en espèces, ni quant à toute autre sorte de demande.
Aucune responsabilité n'incombe à la commune, notamment dans les cas suivants :

- En cas d'annulation, de report du jeu-concours ou de limitation de la période de participation au jeu-concours ;
- En cas d'éventuel dysfonctionnement dans le déroulement du jeu-concours

Les décisions du jury ne peuvent pas être contestées.
Au cas où plusieurs réponses exactes parviennent à la commune, les responsables détermineront le gagnant par tirage au sort.

**La participation au concours implique l'acceptation du présent règlement.**

## FORMULAIRE

Numm: .................................................. Virnumm: ..................................................

Adresse: ..................................................................................................

Mail: .................................................. Telefonsnummer: ..................................................

Är Äntwerten :

Foto 1: .................................................. Foto 4: ..................................................

Foto 2: .................................................. Foto 5: ..................................................

Foto 3: .................................................. Foto 6: ..................................................

GOESDORF
Gemeng Géisdref

Un d'Gemeng zeréckschécken, per Mail: communication@goesdorf.lu oder per Courrier un 1, op der Driicht L-9653 Goesdorf, **bis spéitstens de 15. Januar 2023**.

# DE SCHÄFFEN- A GEMENGEROT WËNSCHEN IECH SCHÉI FEIERDEEG EN E GUDDE RUTSCH AN D'JOER 2023!



GOESDORF
Gemeng Géisdref
*Hei wëll ech bleiwen!*